Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**
St Laurent / Tony Noesen **Dikrich**

36, am Floss L-9232 1 | diekirch.lgs.lu | umeldung@diekirch.lgs.lu

Dikrich, den 23. Mee 2018

# Al Dikrich 2018

Léif Elteren a Frënn vun den Dikricher Guiden a Scouten,
Léif Biber, Wëllefcher, AvEx, CaraPio, RaRo an Albatrossen,
Léif Cheftainen, Chef a Verwaltungsrotmember,

Vum **13. bis de 17. Juli** ass wi all Jar d'Fest vun Al Dikrich ronderëm di Al Kierch. Mir, Dikricher Guiden a Scouten, bedreiwen do och nees eis Baurekichen, wu mer grillen zapen a Gromperekichelcher baken.

Fir di fënnef Deeg a Nuechten gutt iwwert d'Bühn ze bringen, brauche mir vill engagiërt Freiwëlliger. Mir zielen op äer Mathëllef fir datt mir d'Aktivitéite vun den Dikricher Guiden a Scouten weider finanziell ënnerstëtze kënnen. Ënnert anerem leeë mir all eise Memberen een Deel beim Camp bei.

Bei dëser Geleeënheet fanne sich bestëmmt vill Elteren, Frënn a Bekannten an enger flotter Ambiance erëm!

**Ariichten & Raumen a Botzen** (Di-A; Mi-A; Do-A; Mi-R; Do-R)
Virum Fest raume mir eis Kichen an. Nom Fest muss natierlech rëm alles agepaakt, gebotzt a weg geraumt ginn.

**Cortège** (Fr-C)
Mir treffen eis um 19h00 an Uniform bei eiser Bud fir um Cortège duerch Dikrich mat ze goen.

**50 Jar Al Dikrich** (Sa-K)
Dëst Jar get 50 Jar Al Dikirch gefeiert. Dofir ginn Samsdes Mëttes vill flott Spiller organiséiert (Beierfaass rullen, Hau den Lukas, Spiller fir Kanner). Dofir mache mir eis Baurekichen scho mi fréi op.

**Kiermes** (So-K)
Sonndes Mëttes organiséiren mir rem eng kleng Guiden- a Scoutskiermes bei der Aler Kiirch. Et gëtt gegrillt a gezaapt a mir maachen eng ganz Partie flott Atelieren fir Grouss a Kleng.

**Botzen** (Sa-B; So-B; Mo-B; Di-B)
Moies respektiv Nomëttes brauche mir och eng Botzekipp (min. 6 Lett) fir déi dreckich Deeler mam Hochdruckreiniger ofzemaachen an d'Bud fir Owes nees fit ze maachen. Mir freeën eis och iwwer déi Lett di eis nom Botzen d'Material mam Unhänger kënnen op d'Platz féieren. (Opgepasst: dir braucht eng Attache-Remorque um Auto!)

**Baurekichen** (Fr-1 – Di-1 an Fr-2 – Di-2 )
Hei gëtt gegrillt, gezaapt a gebaak. Mir schaffen wi ëmmer an 2 Schichten. Et kann ee wielen wini a wu ee wëll matmaachen. Mir brauche jeweils 15 Lett pro Schicht. Mir doe KENG Uniform an eiser Baurekichen un. Mir wieren frou wann Kanner (Biber a Wellef) just bei der éischter Schicht géifen hëllefen. Mir brauchen awer och all Nuecht 6 M/F di de Schluss wëlle maachen.

Rendez-vous ass all Kiër virun der Aler Kierch ëm di Zéit di um Programm uginn ass.

Fir datt dëst och alles soll klappen, muss jiddereen deen hëllefe wëll, sich bis Freddes den **6. Juli umellen**:

- Iwwert eisen Internetsite: **http://adk.diekirch.lgs.lu/**
- Oder per E-Mail: **umeldung@diekirch.lgs.lu**

Gitt bei der Umellung w.e.gl. de Numm vun de Leit déi hëllefen, sou wéi och déi jeeweileg Schichten, un (→Récksäit).

Merci am viraus a bis dann,

di ganz Chefekipp

| | Dënsdig | Mëttwoch | Donnesdig | Freddig | Samsdig | Sonndig | Meendig | Dënsdig | Mëttwoch | Donnesdig |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | **10. Juli** | **11. Juli** | **12. Juli** | **13. Juli** | **14. Juli** | **15. Juli** | **16. Juli** | **17. Juli** | **18. Juli** | **19. Juli** |
| **Araumen an Ofraumen** | Di-A | Mi-A | Do-A | | Sa-B | So-B | Mo-B | Di-B | Mi-R | Do-R |
| **Cortège** *(Fr)*, **Kirmes** *(Sa)*, **Kirmes** *(So)* | | | | Fr-C | Sa-K | So-K | | | | |
| **Baurekichen** *(Schicht 1)* | | | | Fr-1 | Sa-1 | So-1 | Mo-1 | Di-1 | | |
| **Baurekichen** *(Schicht 2)* | | | | Fr-2 | Sa-2 | So-2 | Mo-2 | Di-2 | | |

| Wéini? | | | Responsabel? | Fir ween? | Wat? |
|---|---|---|---|---|---|
| Dënsdig, den 10. Juli | **Di-A** | 14h00 – 19h00 | Flory/ Thillen Jang | **Alleguer** *(ab CaraPio)* | Opriichten |
| Mëttwoch, den 11. Juli | **Mi-A** | 14h00 – 18h00 | | | |
| Donnesdig, den 12. Juli | **Do-A** | ab 09h00 | | | |
| Freddig, de 13. Juli | **Fr-C** | 19h00 | Becker Joyce | **Alleguer** | Cortège |
| | **Fr-1** | 18h00 – 23h00 | Thillen Jang | **AvEx** *(Kanner, Chef, Elteren)* | Baurekichen |
| | **Fr-2** | 22h30 – 03h00 | Thillen Jang | | |
| Samsdig, de 14. Juli | **Sa-B** | 09h00 – 11h00 | Marbach Fränk | **Wellef** *(Chef, Elteren)* | Botzen |
| | **Sa-K** | 13h00 – 18h00 | Wagner Pol | **Verwaltungsrot, Fréier DGS, Albatross** | Baurekichen |
| | **Sa-1** | 18h00 – 23h00 | Wagner Pol | | |
| | **Sa-2** | 22h30 – 03h00 | Gengler Joe | | |
| Sonndig, de 15. Juli | **So-B** | 09h00 – 11h00 | Martinez Ben | **AvEx** *(Chef, Kanner)* | Botzen |
| | **So-K** | 12h00 – 18h00 | Haagen Julia | **Biber, Wëllefcher** *(Kanner, Chef, Elteren)* | Baurekichen |
| | **So-1** | 18h00 – 23h00 | Alex Carneiro | **CaraPio** *(Kanner, Chef, Elteren)* | |
| | **So-2** | 22h30 – 01h00 | Kaiser Julie | | |
| Meendig, de 16. Juli | **Mo-B** | 09h00 – 14h00 | | **RaRo, Albatross** | Botzen |
| | **Mo-1** | 17h00 – 23h00 | Marbach Fränk | **Biber, Wëllefcher** *(Kanner, Chef, Elteren)* | Baurekichen |
| | **Mo-2** | 22h30 – 01h00 | Lorang Claude | | |
| Dënsdig, den 17. Juli | **Di-B** | 09h00 – 14h00 | Weydert Pol | **CaraPio** *(Chef, Kanner)* | Botzen |
| | **Di-1** | 16h00 – 23h00 | Pott Laurent | **RaRo, Albatross** | Baurekichen |
| | **Di-2** | 22h30 – 03h00 | Pott Laurent | | |
| Mëttwochs, den 18. Juli | **Mi-O** | ab 14h00 | Thillen Jang | **Alleguer** | Ofriichten & Botzen |
| Donnesdig, den 19. Juli | **Do-O** | ab 13h30 | Flory | **Alleguer** | |

Rendez-vous ass all Kiër virun der Aler Kierch.